



Stroossener Hueflachspatzen - 23.4.2025

Mir si momentan zu **62 Sänger:innen tëscht 4 an 15 Joer**, vu Stroossen, Bartreng a Mamer.

Ugefaangen hu mer d'Joer mat flotte Prouwen; fir d'Fuesent hate mer nees vill schéi Fuesboken. Hei e kleng Souvenir.



De Comité ass am Hierscht 2023 u mech erugetruede fir fir eisen 30ten Anniversaire e Concert ze organisieren. Mir haten zwar am Joer 2023 e ganz grouse Musical mat der Fanfare, dee mat ganz vill Aarbecht verbonne war, mee ech hunn akzeptéiert nach ee gréissere Projet fir den 30ten Anniversaire unzehuelen, sous condition dass mir de Kanner hire Wësch géife nogoen an deemno an d'Musikrichtung vum POP géife goen. De Comité war ganz séier domat averstanen an huet och akzeptéiert, dass mir 2 stroossener Museker dofir géifen engagieren, de Fränk Wagner op den Drums an den Ashal Murty um Bass.


D'Joer 2024 huet also am Januar direkt mat de Prouwe fir dëse Popconcert gestart.

1. **Concert Pius 24.2.2024**

Mir goufe fir dat musekalescht Encadrement vun der Generalversammlung vum PiusVerband gefrot. Mir hunn e Répertoire vun 10 Minutten gesongen. D'Kanner hunn sech ganz geéiert gefillt an hunn dëst och super gemaach. Bravo un si!



Den Ouschterhues ass an d'Prouf komm!



Ab dem 10ten Abrëll hunn ech intensiv ugefaangen Hëllef fir de PopConcert bei den Elteren ze sichen, dëst ass op fruchtbare Buedem gefall, Merci den Elteren dofir!

2. Hueflachspatz - 30ten Gebuertsdag



Merci dem **Yvette** fir den « **Hueflachspatz** », eng Ausgab, déi mir zesummegezat hunn zum 30ten Anniversaire vun der Kannerchorale. D'Kanner kruten deen den 3.5. Ausgedeelt an hunn sech immens.

3. D'**Mammendagsfeier** war 2024 nees ganz flott am Parc beim Barblé. Mir haten d'Chance och mat engem Tountechniker ze schaffen, grousse Merci der Gemeng dofir!

D'Kanner hunn nees fir de Flyer gemoolt, dëst Joer huet d'Gemeng gehollef fir de Flyer an de Programm mat de Biller vun de Kanner ze designen.





STROOSSENER MUSIC KIDS

-Skysplitter Fanfare - Brian Balmages
-Eine kleine March Music - arr. Katie O'Hara LaBrie
-Let it Be - arr. Robert Longfield

STROOSSENER HUEFLACHSPATZEN - MUSEP

-Stand by me - Ben E. King - arr. Elsbeth Thürig-Hofstetter
-Canone italione - arr. Elsbeth Thürig-Hofstetter
-Mammendagslidd - Ernst Richter

STROOSSENER MUSIC KIDS - STROOSSENER HUEFLACHSPATZEN - MUSEP

-Ob-la-di Ob-la-da - John Lennon and Paul McCartney



Direktioun : Caroline Medernach a Ben Seil
Begleitung : Jeff Schmidt
Sound: Andy Lauer



4. Op der **Remise diplômes UGDA** am Parc de l'indépendance hunn d'Hueflachspatzen den 14.6. och mat gesungen.

5. **Pop-Concert - 30ten Anniversaire**

Lues ass lues ass den **5ten Juli** ëmmer méi no geréckelt. Eise Pop-Repertoire hunn mir mat der Band geprouft, mam Fränk a mam Ashal. Um Piano war an de Prouwen, wéi um Concert, wéi gewinnt de Jeff Schmidt. **Merci der Chorale, dass d'Kanner dës schéin Erfahrung mat enger Band konnte maachen.**

Eis Grouss hunn sech vill Gedanke gemach wéi mer eis Performance kéinten sou flott wéi méiglech gestalten, an sou hu mir et och gemach. Bravo och un si!

Merci dem **Miga Thill** fir seng Hëllef beim Flyer!

No laange Preparative war de groussen Dag da beemol do. D'Kanner waren immens opgereegt an hunn e ganz schéine Concert gesungen, an deelweis och gedantz. Super Concert fir d'Kanner, fir d'Spectateuren a fir mech selwer och. Eppes war séier kloer fir d'Kanner, si wélten am léifsten ëmmer an deem Genre singen an all Joer e Pop-Concert singen;)

Merci der Chorale fir d'Hëllef hannert dem Comptoir, an der Keess, hannert der Bün. Merci fir d'Finanzement vun de Museker, dem Sound-Techniker an der Deko vun der Bün. Villmools Merci awer och fir dee schéinen Gebuertsdagskuch, et war eis eng Eier dierfen d'Käerze vun dem 30ten Anniversaire auszeblosen. Merci de Gemeng fir hir Ënnerstëtzung mat Lemon an soss Hëllef ronderëm de Concert.



Ganz iwwerraschend krut d'Kannerchorale dëst **wonnerschéint Bild** vun enger Mamm vun 2 Sängerinne vun eis geschenkt. Mir sinn immens frou dodriwwer an adresséieren op dëser Plaz nach eemol e **grousse Merci un d'Sonja Streicher!** Merci och dem **Francis Gleis**, deen eis d'Bild esou schéin agerummt huet an eng passend Plaz am Sall fonnt huet.

Sonja Streicher



6. D'**Schoulfest** war den 6.7. am Parc de l'indépendance. D'Wierder hat d'ëst Joer matgespillt. Merci der Gemeng, dass mer nees konnte mat gudde Soundtechnicker sangen.



7. Eis lescht Prouf hate mir wéi och scho d'lescht Joer als **ëffentlech Prouf**, Merci den Eltere fir d'Snacks an och der Chorale fir de Crémant ;)



8. Als Optakt vum Schouljoer 24/25 hu mir den Aperó vum **Caecilienessen vun der Chorale Sainte-Cécile** gesongen. Merci der Chorale fir de léiwe Geste un d'Kanner an un d'Elteren.

Weider ass et gaange mat eisen traditionelle Concert'en

9. **Kleeschen am Centre Barblé** - zesumme mat der MUSEP - 1.12.



Merci fir d'Tiitchen vum Kleeschen vun der Chorale!

10. **Concert an der Résidence Riedgen** - zesumme mat der MUSEP 10.12.



11. **Chrëschtmaart** - zesumme mat der MUSEP - 13.12.



Mir hunn dëse Concert ganz eleng organiséiert a konnten d'Bün ganz fir eis notzen, merci dofir!

12. Fir d'zweete Kéier hu mir den **15.12.24** e **Chrëschtconcert an der Kierch** mat der Fanfare gesongen, d'Kierch strubbelvoll an de Concert war, ouni groussen Opwand am viraus fir eis, ganz flott.



Eis Internetsäit hunn ech och aktualiséiert, an eis FacebookSite hält d'Leit ëmmer um leschte Stand.



Mir hunn 2026 eise **Musical** virun der Dir stoen, et ass dee 5ten säit ech derbäi sinn. Et ass scho alles um Lafen, mir ginn och 2026 nees vun der Gemeng ënnerstëtzt, grouse Merci scho dofir.

Bravo un d'Kanner, ob Grouss oder Kleng. Mir hu ganz léif engagéiert Sänger:innen, immens, immens flott Prouwen a wäerte sécherlech weider zesummen och schéin Optrëttler hunn.

E **grouse Merci den Elteren**, si weisen sech ëmmer flexibel an engagéiert. **Merci dem Comité fir seng Ënnerstëtzung.**